ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 04/05/2025

Rapport 2/25 vun der Sportskommissioun

Reunioun vum 28.04.2025 um 18:00 an der Scheier zu Bëschdref

Presenzen

Member	Present	Entschëllegt	Net entschëllegt
Arendt Benoît	X		
Conrad Frank	X		
Everad Thierry	X		
Kieffer Aloyse	X		
Lesch-Fanck Laure	X		
Lucas Patrick		X	
Mathias Heike	X		
Majerus Yara		X	
Meyer Louis	X		
Reding Sam		X	
Reuter Pierre	X		

Punkt 1: Dagesuerdnung

Op der Dagesuerdnung stoungen follgend Punkten:

- Entrevue mam Christian Hoscheid (President Volleyball Bissen)
- Sportleréierung 2025
- Divers: (Drénkfläschen, etc...)

Punkt 2: Rapport vun der leschter Reunioun

De Rapport vun der leschter Reunioun gëtt unanime vun de Memberen ugeholl.

Helperknapp, 04/05/2025

Punkt 3: Schnuppercouren 2025

Schnuppercour Volleyball: Den President vum Biissener Volleyball-Club (12 Trainer, 185 Memberen, besteet säit méi wéi 10 Joer), den Här Christian Hoscheid war an der Reunioun present en vue fir eventuell ee Schnuppercour am Volleyball am Hierscht kënnen unzebidden. D'Ziel laut dem Här Hoscheid vun esou engem Cour wär, fir Reklamm fir den Volleyball an de Veräin ze maachen a fir eventuell dat eent oder anert Talent zu deem Sport ze bréngen. Den Här Hoscheid betount awer och, dat de Biissener Volleyball sech am Moment net iwwer mangelnden Nowuess bekloen kéint.

Denkbar wär elo mol follgend Formule:

- Period: vun Mëtt September bis Mëtt Dezember, mee do ass ee flexibel
- eemol pro Woch am beschten Samschdes, ëmmer 2 Stonnen.
- 2 Altersgruppen: vun 11 bis 16 Joer an ab 17 Joer
- Encadrement duerch een Trainer vum Biissener Veräin

De **Pierre** kläert d'Disponibilitéit vun der Hal (1/3 vun der Hal géifen duer goen). De **Benoît** kläert mam Steve Rollinger d'Disponibilitéit vum Material (Netz, Poteauen, Bäll, ...). Duerno kuckt den Här Hoscheid, ob een Trainer disponibel wär an ob eis finanziell Propose géing passen.

Déi Iddi fir am Summer am Kader vum Beachdrëf och Beach-Volleyball unzebidden ass am Moment emol zeréck gestallt ginn. D'Kommissioun ass der Meenung, dat esou eppes méi laang preparéiert muss ginn, vue que wëll keen uerdentlechen Volleyballsterrain direkt disponibel ass.

Den Här Hoscheid huet eis och drop higewisen, dat een Beach-Volleyballsterrain aus Hygiènegrënn relative vill Entretien bedeit. Dat soll ee bedenken wann een an der Gemeng esou een Terrain installéiert. Dat gëllt natierlech och fir deen Terrain deen beim Beachdrëf ugeluecht gëtt.

"Functional Training" mam Leandro: Den Här Leandro wär prinzipiell bereet een Schnuppercours am Hierscht unzebidden, am léifsten Mëttwochs oder Donneschdes. De **Pierre** schéckt him d'Disponibilitéiten vun der Hal (Multisall) um Campus Helperknapp.

Laftreff "Vun 0 op 5 km" an **"Vun 5 op 15 km"**: De Pierre huet Mëtt Abrëll een neien Grupp "Vun 0 op 5 km" gestart. Do lafen momentan 9 Leit mat, 5 Erwuessener an, dëst Joer nei, och 4 Kanner. De Grupp vun der Fortgeschrëttener trëfft sech weiderhin 2 Mol d'Woch. Do lafen am Moment eng 10 Leit mat.

Weider Schnuppercouren:

D'Kommissioun hat nach e puer aner Iddien gesammelt:

- Handball Miersch: Cours fir Kanner. De **Louis** huet hei kee Feedback vun de Responsabelen kritt.
- Special Olympics (Everad Thierry): fënnt dobausse statt, méi opwendeg Organisatioun => Summer 2026
- Billard: De **Fränk** mengt, dat esou ee Schnuppercours ouni Weideres bei Bedarf organiséiert kéint ginn
- "Fit Kanner Helperknapp": D'**Yara** huet hei Kontakt mat engem Sport Educateur deen interesséiert wär Sport speziell fir Kanner unzebidden. D'Kommissioun mengt, dat déi Persoun am Beschten säi Projet an enger Versammlung vun der Kommissioun virstelle sollt.

Helperknapp, 04/05/2025

Punkt 4: Sportleréierung an Nuit du Sport

Den Termin fir d'Nuit du Sport ass dëst Joer den 14 Juni 2025.

Am Kader vun der Nuit du Sport fënnt och d'Sportleréierung statt an zwar um 20:30 Auer am oder beim "Veräinsbau an der Kol" zu Bruch. Wann d'Wieder matspillt, gëtt d'Evenement baussen organiséiert. Den Oflaf vun der Sportleréierung soll dee follgende sinn:

- Begréissung duerch e Member vum Schäfferot
- Diplomiwwerreechung: Hei hat d'lescht Joer de President déi Charge iwwerholl. De Benoit mécht awer op där Platz een Appell un d'Kommissioun an och un d'Gemeng, fir déi Iwwerreechung e bëssen méi dynamesch an organiséiert duerchzeféieren (Iwwerreechung duerch 2 Persounen ?, Mussen ëmmer all d'Titelen vun all de Leit opgesot ginn?, ...)
- Éierewäin offréiert vun der Gemeng Helperknapp

D'Sportskommissioun ass an der Reunioun zesummen d'Lëscht vun de Sportler (eenzel an an der Equipe) duerchgaang déi fir d'Éierung kandidéiert hunn. D'Kommissioun huet bei all de Kandidaturen kontrolléiert ob d'Viraussetzungen erfëllt waren. Just eng Kandidatur konnt dobäi net zeréckgehal ginn.

De Benoit huet déi Lëscht un d'Gemeng weiderginn. Mer betounen hei, dat dat just een Avis an eng Appreciatioun vun der Kommissioun ass an dat déi final Decisioun schlussendlech beim Schäfferot läit.

Punkt 5: Gadgeten Gemeng Helperknapp

D'Gemeng huet proposéiert e puer **Gadgeten** ze beschafen, déi extra bei sportlechen Evenementer, un d'Sportifs méritants oder och und Participanten vun de Schnuppercouren verdeelt kenne ginn, wéi zum Beispill:

- Tricoten
- Bidonen
- Buffen
- Beach Racketten
- Faltbar Drénkfläschen (soft flask)
- Kaap
- Mikrofaser-Duch

Natierlech sollen all déi Gadgeten mam Logo vun der Gemeng Helperknapp versi ginn.

D'Sportskommisioun begréisst déi Initiative. D'Commission des Relatiouns Publiques sollt hei awer och agebonn ginn. Eventuell sollten méi héichwäerteg Gadgeten proposéiert ginn, déi beschtefalls och nach an engem Atelier protégé hiergestallt ginn.

De Pierre huet eng ganz Rei vun Ateliers protégés (Nei Aarbecht, APEMH, Tri Centenaire, Op der Schock, HMC, ..) kontaktéiert. Déi konnten awer eiser Demande net nokommen.

Helperknapp, 04/05/2025

De **Pierre** freet elo nach eng Offer bei enger Mini-Entreprise un déi personaliséiert Drénkfläschen (Offer fir 500 Stéck) ubidden. Den Thierry huet hei awer ënnerstrach, dat mer am Fall vun enger Commande och eng Rechnung vun dëser Schülerentreprise kréie mussen.

Punkt 6: Fitness Parcours an Outdoor Gym Openthalt/Fënsterdall

D'Gemeng huet de Projet vun engem Fitnessparcours zu Téinten aktuell op Äis geluecht, well eng Alternativ zum Terrain gesicht gëtt. De Schäfferot begréisst awer d'Iddi vun der Sportskommissioun, den Naturléierpad um Openthalt „upzedaten" an mat engem Fitnessparcours ze kombinéieren. D' Sportskommissioun soll dës Iddi weider ausschaffen, eventuell de Wee och op der Platz oftrëppelen goen fir dem Schäfferot eng Propose / Avis eranzeschécken.

An enger fréierer Reunioun ass och iwwer den Outdoor Gym geschwat ginn, deen d'Gemeng Habscht am Bësch zwëschent der Kräizerbuch an der Gäichel opgeriicht huet a freet sech ob esou eppes net och z.B. op engem Site wéi dem Fënsterdall méiglech wär a Kombinatioun mat engem Fitnessparcours/Lafparcours an engem Naturléierpad. Den Frank betount awer, dat fir d'éischt notamment mam Fierschter gekläert soll ginn, wat op sou enger Platz iwwerhaapt méiglech ass. Dofir den Appell un de Schäfferot, ob déi eis net an där Richtung opklären kéinten, ier mer do grouss Projeten ausaarbechten.

D'Kommissioun huet awer och decidéiert, dat een sech bei der nächster Reunioun am Fënsterdall treffe wäert, fir sech den Site unzekucken.

Punkt 7: Impuls-Event den 25.01.25

Dëse Punkt ass an der leschter Reunioun diskutéiert ginn, bleift awer am Rapport fir dat déi eenzel Iddien net esou séier vergiess sollte ginn.

De COSL an Zesummenaarbecht mam IANPS an der Oeuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte hat den 25.01.25 op hiren Impuls-Event zu Lëpschent agelueden. Hei gouf ee Projet presentéiert, deen an e puer Pilot-Gemengen gestart ginn ass fir de Sport an d'Beweegung op kommunalen Niveau ze förderе. De Pierre huet d'Sportskommissioun vertrueden an eng Rei vun Iddie matbruecht:

- *Fitness Parcours an der Néi vun enger Maison Relais deen speziell fir Kanner geduecht ass*
- *Beweegungschallenge bei der Nuit du Sport*
- *Sportbox: dat ass eng Këscht déi z.B. bei enger Spillplaz eng Rei vun Sportartikelen (Fussball, Volleyball, Racketten, Sprangseel, ...) enthält a fräi verfügbar ass*
- *Beweegung dobaussen: Tour mat QR-Coden an Zesummenaarbecht mat engem CIPA*
- *Beliichte/Beschëldert Lafweeër an der Gemeng*
- *Beweegungskaart vun der Gemeng: Hei gëtt op eng visuell uspriechend Aart a Weis déi sportlech Offer an der Gemeng op enger interaktiver Kaart duergestallt. D'Kommissioun mengt, dat dës Iddi op alle Fall verfollegt soll ginn.*
- *Sportdag fir all Alter, speziell och fir eeler Matbewunner ze motivéieren*
- *Randonnée saine op engem Sonnde moien mat Tier vun 7 bis 13km fir all Alter*
- *Sportskoordinator: Hei gëtt de Gemenge proposéiert mat finanzieller Hëllef vum Staat een Sportskoordinator anzestellen, deen speziell de Sport an d'Beweegung an de Gemenge promovéiere*

Helperknapp, 04/05/2025

soll. Et besteet neierdéngs ze guer d'Méiglechkeeten ee Coordinateur sportif fir e puer Gemengen anzestellen. D'Kommissioun encouragéiert d'Gemeng sech doriwwer Gedanken ze maachen well op esou eng Manéier de Sport an och d'Aarbecht vun der Kommissioun ausseruerdentlech géif profitéieren.

Punkt 8: Zukunft vum Mierscher Turnveräin

De Pierre huet dëse Punkt opbruecht, well hien an de leschten Deeg e puer mol vu betraffen Elteren ugesprach ginn ass, ob d'Sportskommissioun an dëser Saach net intervenéieren kéint. Vill Kanner, och aus eiser Gemeng, sinn direkt vun der Opléisung vum Mierscher Turnveräin betraff a wäerten ganz schwéier eng Platz an engem aneren Turnveräin fannen. Grad fir Meedercher ass och nach d'Angebot u Sport an der Gemeng zimmlech limitéiert. An der Reunioun gouf länger Zäit zum Deel divergent iwwert dat Thema diskutéiert. Wat soll a kann d'Kommissioun an dëser Saach ënnerhuelen? Wat kann/soll d'Gemeng maachen? Enner anerem gouf virgeschloe, dat d'Kommissioun jo eventuell de Lien tëschent den Elteren (déi matmaache wëllen) an der Gemeng (wann se dann bereet wär do eppes ze ënnerhuelen) kéint hierstellen.

Nächst Reunioun ass den 2. Juni 2025. Rendez-vous ass um 18:00 am Fënsterdall.

Pierre Reuter

Sekretär Sportskommissioun